



Fernand ETGEN  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 16/02/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet, Mobilitéit & Justiz weiderzeleeden.**

An hirem Avis zum leschte Radar-Gesetzesprojet (n°7652) stellt d'Dateschutzkommissioun fest, dass och d'Foussgänger iwwert de Luuchte-Radar mussen informéiert ginn, well och si op de Fotoe vum Radar kéinten ze gesi sinn. Laut dem Gesetz vum 1.08.2018 muss nämlech all Persoun, där hier Date festgehal ginn, doriwwer a Kenntnis dovunner gesat ginn.

*Etant donné que l'installation de radars automatiques aux feux rouges concerne un public beaucoup plus large dépassant simplement les conducteurs et les passagers se trouvant à bord de véhicules, la CNPD entend attirer l'attention des auteurs du projet de loi sur l'obligation d'information de l'ensemble des personnes concernées de l'existence de ces radars et du traitement de données concernant (p.ex. panneaux informant les conducteurs et passagers de véhicules ainsi que piétons aux endroits des radars installés aux feux rouges).*

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass virgesinn op der Stäreplaz (an och op allen aneren zukünftege Plazen, wou Luuchte-Radaren installéiert ginn) een oder e puer Schëlde opzeriichten, fir d'Foussgänger iwwert d'Präsenz vum Radar an d'eventuell Späicherung vum hiren Daten ze informéieren?
  - Falls jo, ginn op dësem Schëld all d'Informatiounen festgehalen, déi laut Artikel 12§1 vum Gesetz vum 2018 mussen zougänglech sinn, dorënner d'Kontaktinformatiounen vum Responsable du traitement a vum DPO?
  - Falls nee, wéi eng Grënn gëtt et laut der Police grad-ducale, fir dësen Artikel net ze applizéieren, basierend op de Méiglechkeeten déi am §3 vum Artikel 12 genannt ginn?
2. Wëssend, dass de Radar scho säit dem Ufank vun der Testphas am Oktober Fotoe vu



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

Foussgänger kéint gemaach hunn, ass op der Stäreplaz schonn eng deementspriechend Beschëlderung opgestallt ginn?

- Wann jo, wéi vill Schëlde goufen opgestallt a wat fir Informatiounen sinn op hinne festgehalen?
- Wann nee, firwat net?
- Falls eng Beschëlderung an Zukunft virgesinn ass, wéi gesäit dës dann aus a wéini soll se opgestallt ginn?
- Falls keng Beschëlderung virgesinn ass, wéi begrënnt de Minister dës Entscheidung?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc  
Député

